LËST
4

DEMOKRATESCH PARTEI
Wëntger

# EIS 6 PRIORITÉITEN FIR ENG BESSER GEMENG WËNTGER

# Mat Häerz a Séil

fir d'Gemeng Wëntger



Version francaise: wincrange.dp.lu




# Léif Lekt aus der Gemeng Wëntger,



Eis Fusiounsgemeng hott elo schonn e por Joer om Bockel an ewer sti mir nach ëmmer viru groussen Erausfuerderungen. Eng nei Schoul, eis Stroosseninfrastrukturen, Kläranlagen an d'Gemengefinanze sënn hei just e por wichteg Stéchwierder. Mer wëllen dës Erausfuerderunge mat Eech zesommen an de nächste Joren ugoen, transparent, responsabel a mat Wäitsiicht.

Mer honn eis 6 Prioritéite gesat déi mer Eech hei wëlle kuerz virstellen. Mer géifen eis freeën, wann Der eis den 8. Oktober Äert Vertraue schenke géift, fir datt mer eis Idien am Sënn vu méi Liewensqualitéit an eiser Gemeng kënnen ëmsetzen.

# 1. MAT HÄERZ A SÉIL FIR EIS KANNER

Fir d'Wohl von eise Kanner ass dat Best just grad gutt genou. Fir datt d'Kanner an eiser Gemeng optimal op hir Zukunft virbereet ginn, wäerte mer

- eng nei, modern a kannergerecht Primärschoul baue fir datt d'Kanner sech freeë fir an d'Schoul kënnen ze goen
- d'Öffnungszäite vu Crèche a Maison Relais op de reelle Bedarf an un d'Orbechstzäite von den Elteren upassen
- an den Dierfer eng Spillplaz installéieren a bestoend Spillplaze zum Deel méi attraktiv gestalten

Beispielsweis hätt enner eiser Gestion des Portiershall missen zereckstoen, bis de Schoulkomplex ofgeschloss wär.








# 2. MAT HÄERZ A SÉIL FIR MÉI MOBILITÉIT

Vill Awohner schaffen nik an eiser Gemeng mä mussen deelweis wäit Weeër zréckleeë fir op hir Orbicht ze kommen. D’DP setzt sech dofir an, datt d’Wëntger Gemeng hir Verantwortung  a punkto Mobilitéit iwwerhëlt andeems mer



- eis derfir asetzen, datt op de Garen zu Klierf, Ëlwen,Drauffelt  a Wooltz zousätzlich Parkplaze geschafe ginn
- de System vum Rufbus ausbauen andeems och méi grouss Distanzen ugebuede ginn
- den Transportministère opfuerderen eis Buslinne besser openeen ofzestëmmen
- déi Stroossen erneieren, déi an engem schlechten Zoustand sënn

# 3. MAT HÄERZ A SÉIL FIR EISE WUNNRAUM

Eis ass et wichteg, datt an eiser Gemeng genou bezohlbare Wohnraum do ass fir datt eis Kanner och nach hei wohne kënnen, ouni ewer datt eis Dierfer zoubetonéiert ginn. Dofir wëll d’DP Eech:



- de laang ersehnten neie Bebauungsplang (PAG), deen iwwer e Joerzéngt op sech waarde léisst, endlech ze presentéiere fir eng kohärent baulech Entwécklung von eiser Gemeng ze garantéieren
- subventionéierte Wohnungsbau, virun allem fir jonk Familljen aus der Gemeng onzebigden
- wäertvoll Bausubstanzen an eisen Dierfer ze erhalen andeems mer d’Restauratioun von ale Gebaier finanziell ënnerstëtzen.

# 4. MAT HÄERZ A SÉIL FIR ENG LIEWENSWÄERT GEMENG FIR JONK AN AAL

Wëntger muss attraktiv bleiwe fir all seng Awunner, egal op jonk, eeler, sport- oder kulturinteresséiert Leit. D'DP hot sech folgend Ziler fir déi nächst Jore gesat:

- d'Ënnerstëtzung vo sozialen Ariichtunge soll weider ausgebaut ginn (z.B. Park Sënnesraich)
- mer wëllen d'Sécherheet vun eisen Awohner verbesseren andeems dat ausgeschaffte Verkéierskonzept vun der Gemeng sou séier wie méiglich ëmgesat gëtt . Ewer och z.B. d'Spillplaz zu Uewerwampich méi séecher gestalten
- d'Veräinsliewen an d'Benevolat wäerte verstäerkt ënnerstëtzt ginn, well déi vill Fräiwëlleg sinn d'Réckgrat vum Zesummenhalt an eiser Gesellschaft




POMPJEEËN
GEMENG WËNTGER


STADE
HENRI LAMBORELLE



# 5. MAT HÄERZ A SÉIL FIR D' WIRTSCHAFT AN EISER GEMENG

D'DP setzt sech fir eng dezentral Verdeelung vun den Orbichtsplazen an, sou datt méi Leit do schaffe kënne goe wou si och wohnen. D'Landwirtschaft, d'Handwierk an awer och den Tourismus bilden d'Réckgrat vun der Wirtschaft an eiser Regioun. Dofir wëlle mer

- d'Zone artisanale op der Féitsch an d' Zone industrielle Lentzweiler ausbauen, fir méi Plaz fir Betriber, an domat Orbichtsplatzen ze schafen
- d'Potential vun eiser Gemeng am Beräich vum Tourismus besser notzen
- d`Vermaartung an de Konsum von eise landwirtschaftleche Produkter méi geziilt ënnerstëtzen



# 6. MAT HÄERZ A SÉIL FIR EIS NATUR

Mer kënnen houfrig sënn op eis intakt Natur an eis typesch Eisleker Landschaft, déi eis mat fréscher Loft a guddem Waasser versuergt. Fir eis Ëmwelt ze erhale wäert d'DP

- den aktive Quelleschutz zesomme mat de Baueren, an de Projet vun de Kläranlage virundreiwen fir datt eis Baachen erëm an e gudden Zoustand kommen
- bestoend Wandparken erneieren. Mer fannen ewer och, datt keng nei Wandparken zu Wëntger sollen entstoen, well mer der Meenung sënn, datt eis Gemeng hire Soll geleest hot, an d'Schéinheet vun eiser Kulturlandschaft respekteiert muss ginn
- eise Service technique mat dem néidege Material fir allternativ Onkrautbekämpfung ausrëste fir eis Dierfer, öffentlech Plazen a Kierfechter och ouni chemisch Produkter ze halen. Modern

Woormwasseranlag fir Onkraut ökologisch ze bekämpfen



LËST 4

Mat Häerz a Séil fir d'Gemeng Wëntger

# Ons Kandidatefir d'Gemengewahlen

## Mat Häerz a Séil fir eis Gemeng Wëntger!



**Sylvie Beffort**

Privatbeamtin
Comité DP Wentger
42 Joer, Helzen



**Nico Eischen**

Bauer
Member Emweltkommission
Präsident DP Wentger
44 Joer, Uewerwampich



**Josy Escheid**

Bauer
Comité DP Wentger
57 Joer, Tratten



**Luc Reff**

Staatsbeamten
Secrétär DP Wentger
Organist Corale Béigen/Lellgen/Stackem
30 Joer, Stackem



**Johny Schanck**

Garagiste
Vizepräsident Jëersection Klierf
65 Joer, Heesdref



**Andy Schares**

Postbeamten
Comité DP Wentger
31 Joer, Boxer



**Claude Schmitz**

Chargé de cours
Member Elterevereenigung
Member Sécherheetskommission
49 Joer, Béigen



**Karin Schmol**

Studentin
Comité Dysphasie.lu
26 Joer, Lellgen



**Fernand Scholtes**

Electroinstallateur
Member Bautekommission
Sectionchef Pompier Wëntger
59 Joer, Emeschbaach



**Alex Thillens**

Gemengerod/Präsident Lellger Gaart
Vizepräsident Foyer EisleckerHeem
Caissier Pompier Wëntger, Member
Commission du patrimoine,
58 Joer, Heesdref



**Ferdinand van Knotsenborg**

Buschauffeur
Member Sécherheetskommission
52 Joer, Trätterstrooss

wincrange.dp.lu